JULI-AUGUST 2022

Kaffisstuff

Natierlech kënnt Där och am Juli an am August an eis Kaffisstuff kommen. Dënschdes vun 14.30 bis 16.30 Auer kënnt Där bei eis an d'Club Haus spillen kommen, schnëssen, iech kreativ betätegen oder eng Schneekegkeet schmaachen.

Am Juli ass d'Kaffisstuff op:
De 5. Juli, den 12. Juli an den 19 .Juli.

Am August ass d'Kaffisstuff op:
Den 2. August, 9. August, 16. August, 23. August an den 30. August.

Wichteg

Auerzäiten Ännerungen vun Ärem Club Haus

Am Juli an am August ass äert Club Haus follgend Deeg aneschters op wéi soss!

Am Juli ass dëst:
Den 20.7., 21.7. an den 22.7.

Am August wieren et:
De 17.8., 18.8., 19.8., 24.8., 26.8. an 31.8.

Do ass ëmmer just op vun 08.00 bis 12.00 Auer.

Denkt drun, **vum 15. Juli bis den 12. September ass KEEN Mëttesdësch**.

Europafest „Europe goes Scuffelingen 2022"

Vum 25. Juli bis den 29. Juli ass dat grousst Europafest „Europe goes Scuffelingen 2022", wou all Dag am Club Haus eng Zort Bitz Atelier ass fir all Participante vum Festival. Déi Zäit sinn KENG aner Aktivitéiten am Club. Där kënnt awer gären een Stéck Kuch bei eis iessen kommen an luussen wat se alles esou bei eis am Club maachen.

Mär sinn op vun 09.00 bis 17.00 Auer.

www.beimkiosk.lu

SEPTEMBER-DEZEMBER 2022

Nei Brochure

Déi nei Broschür wäert ëm de 15. August bei iech an der Bréifboîte leien an do erwaarden iech nei flott Aktivitéiten déi mär fir Iech organiséiert hunn.

Hei schonns e puer Datumen déi Där iech schonn am Kalenner kënnt fräi halen:

16. September
Champignonswanderung mat uschléissendem Champignon iessen am Club Haus.

26. September
Virtrag vum Meteo Expert Philipp Ernzer (Meteoboulaide) iwwert eist Wierder

Ab Oktober fënnt-all Mëttwochs- am Club Haus een Line- an Krees Danz Cours statt.

5. Oktober
Mir spillen Petanque am Boulodrome zu Schëffleng

15. Oktober
Biomaart.

21. Oktober
Visitt an uschléissendem „Menu de dégustation" op enger Trüffelfarm a Frankräich.

27. Oktober
Trëppeltour am Mëllerdall mat uschléissendem Mëttegiessen op der Konsdrefer Millen.

6. November
Café-Concert mat dem Schëfflenger Jugend Orchester

20. November
Beaujolais Fest am Club Haus.

1. bis 2. Dezember
Minitrip op Chrëschtmäert zu Colmar a Kaysersberg (mat 1 Iwwernuechtung).

Weider Detailer an nach vill aner Aktivitéiten erwaarden Iech an der nächster Broschür.
Mär wënschen iech alleguerten elo schonns eng schéin Summervakanz.

Méi genau Detailer zum Programm fannt Där an eiser Brochure (Mee-August 2022).

Iech umellen kënnt Där entweder iwwert den Telefon 26 54 04 92 oder iwwert Email: info@beimkiosk.lu

11-15, rue C.M. Spoo
L-3876 SCHIFFLANGE
26 54 04 92
info@beimkiosk.lu
Foyers Seniors

JULI - AUGUST

NEWSLETTER

www.beimkiosk.lu

Diamond-Painting Treff

Niewent der kreativer Oder ass Diamond Painting och ganz wichteg fir d'Förderung vun der Feinmotorik an der Konzentratioun. Wichteg ass och d'Gesellegkeet. Zesummen am Grupp gëtt all 2 Woche gepaint, Iddien an Erfarunge kënnen ausgetosch ginn, an zesumme mat vill Freed a Spaass entstinn eis flott Painting Biller.

Wéini: 6. Juli, 20. Juli an 3. August ëmmer vun 09.00 bis 11.00 Auer. Gratis

Yin-Yoga Sommerkurs mit Simone Zeimes

Während den Sommerferien bieten wir Ihnen einen vierteiligen Kurs an, entweder zur Weiterführung des laufenden Kurses, oder aber als Schnupperkurs

Wann: 1.8., 8.8., 22.8., 29.8.
jeweils vun 14.45 bis 16.00 Uhr.

Rendez-vous: Club Haus

Preis: 64 € (4 Kurse)

Yoga Sommerkurs mit Simone Zeimes

Während den Sommerferien bieten wir Ihnen einen vierteiligen Kurs an, entweder zur Weiterführung des laufenden Kurses, oder aber als Schnupperkurs.

Wann: 3.8., 10.8., 17.8., 24.8.
jeweils von 18.30 bis 19.45 Uhr.

Rendez-vous: Club Haus

Preis: 64 € (4 Kurse)

ELLERGRONN: Auf der Spur von den Seilbahnen

„Quer durch den Süden des Landes verliefen Seilbahnen die das Eisenerz in die Hütten förderten. Auf unserer Wanderung werden wir noch etliche dieser Türme an denen die „Seelebun" verlief entdecken." Eise Guide, den Här André Rosa wäert eis dee Moie vill Wëssenswäertes iwwert d'Geschicht vun der Seelbunn erzielen, a steet Iech fir all Fro zur Verfügung. D'geféiert Besichtegung wäert gutt 2 Stonnen daueren.

Wéini: 15. Juli

Rendez-vous ass um 08.55 Auer am Centre nature et forêt Ellergronn, L-4114 Esch/Alzette

Präis: 10 €

JULI-AUGUST 2022

Visitt vun der Philharmonie

©Artist: Raphaël Rippinger

Mueres um 08.35 Auer ass Rendez-vous op der Schëfflenger Gare fir zesumme mam Zuch an Tram bei d'Philharmonie ze fueren.

Um 10.00 Auer hu mär do eng Visitt vun enger gudder Stonn.

Duerno fuere mär nees mam Tram zeréck an d'Uewerstad, wou jiddereen en Tour iwwert de Maart maache kann.

Fir d'Mëttegiesse gi mär an e Restaurant (de Choix vum Restaurant ass ofhängeg vum Wierder).

Nom Mëttegiesse fuere mär dann nees alleguerte mam Zuch, géint 15.30 Auer, zeréck op Schëffleng.

Wéini: 13. Juli 2022

Rendez-vous: 08.30 Auer op der Gare zu Schëffleng

Präis: 10 Euro (Féierung Philharmonie, ouni Mëttegiessen)

Heringer Millen

Haut verbrénge mär en Dag an der Regioun Mëllerdall, och nach als kleng Lëtzebuerger Schwäiz bekannt. Moies um 10.00 Auer bake mär eis d'personaliséiert Brout, a gi vill Wëssenswäertes iwwert d'Heringer Mille gewuer. Dëst Brout kréie mär am spéiden Nomëtteg och mat heem.

Um 11.00 Auer starte mär eng Wanderung duerch de Mëllerdall vun ongeféier 6,5 km. Denkt w.e.g un fest Schong an dem Wierder entspriechend Kleeder. Eise Wee féiert eis laanscht de Schéissendëmpel, deen als héchste Waasserfall vu Lëtzebuerg gëllt. Bekannt ass dësen duerch di 3 eenzel Waasserstralen.

Um 12.00 Auer erwaart eis e Picknick mat regionale Produit'en: frëscht Millebrout, Berdorfer Kéis, regional Salami, hausmaacher Gebeess, Hunneg aus dem Mëllerdall, Fleesch- a Rieslingspaschtéit, Cremant mam Beeforter Cassis, Waasser. Wa mär gutt gestäerkt sinn, geet eis Wanderung Richtung Bus, deen eis erëm zréck op d'Heringer Mille bréngt.

Wéini: 5. August

Rendez-vous: ass um 09.00 Auer beim Club Haus oder um 09.10 Auer um Parking Hall Polyvalent (rue Denis Netgen).

Präis: 50 € (Transport am Bus, Bakworkshop, Wanderung a Picknick)

JULI-AUGUST 2022

Munneref … ënnert vill verschidde Facetten

© www.fligermusee.lu

E flotten an interessanten Dag zu Munneref steet um Programm. Mam Bus fuere mär Moies op Munneref. Fir d'éischt gi mär an d'Klouschterbäckerei vun der Yolande Coop. Duerno gi mär an de Restaurant Le Nid gourmand eis richteg verwinne loossen. Menu du jour oder à la carte.

Nom Mëttegiessen ass nach eng interessant Visitt geplangt. Am Fligermusée, deen zënter 2012 zu Munneref ass, kritt Där all Wëssenwaertes iwwert d'Lëtzebuerger Loftfaart erkläert.

Wéini: 7. Juli

Rendez-vous um 10.00 Auer beim Club Haus oder um 10.10 Auer um Parking Hall polyvalent (rue Denis Netgen).

Prais: 23 €.

Deutsches Vulkanmuseum Mendig: Lava Dome

© www.vulkanpark.com

Während einer Führung wird Ihnen das faszinierende Thema Vulkanismus nähergebracht. Gleich beim Betreten des „Lava-Doms", der über eine Ausstellungsfläche von insgesamt 700 Quadratmeter verfügt, werden Sie durch die beeindruckend kontrastreiche Farbegestaltung des Innenbereichs auf die Welt der Vulkane eingestimmt.

Im Anschluss an die einstündige Führung werden wir weiter nach Mayen fahren, wo die Möglichkeit zum gemeinsamen Mittagessen gegeben ist und der restliche Nachmittag verbracht werden kann.

Wéini: 11. August

Rendez-vous: Um 8.50 Auer beim Club Haus oder
um 9.00 Auer um Parking Hall Polyvalent (rue Denis Netgen).

Präis: 40 € (Transport am Bus, Féierung)

Méi genau Detailer zum Programm fannt Där an eiser Brochure (Mee-August 2022).

Iech umellen kënnt Där entweder iwwert den Telefon 26 54 04 92 oder iwwert Email: info@beimkiosk.lu